



Madamm COUTO Paula
Gemengeconseiller

15, rue Amalbergue

L-4806 RODANGE

Referenz : 2025.65659.SECR

Péteng, den 3. Abrëll 2025

Betreff: Är Froe vum 3. Mäerz 2025

(Den Dossier gött bearbecht vum Marc Bosoni - Tel.: 50 12 51 – 3050)

Madamm Couto,

An Ärem Bréif vum 3. Mäerz 2025 stellt Dir dem Schäfferot folgend Froe:

Här Buergermeeschter, wäert Membere vum Schäfferot,

Ech wendë mech un lech am Zesammenhang mat der zouener Schwemm PIKO den 2. Mäerz 2025. Et gouf ugekënnegt, datt d'Piscine aus technesche Grënn zou war, mee et goufen net méi Detailer zu de präzisen Ursachen uginn.

D'Schwemm PIKO spillt eng wichteg Roll am sportlechen an edukative Liewen vun der Gemeng, an et ass fir d'Bierger wichteg ze wëssen, wéi laang dës wichteg Infrastruktur net zur Verfügung steet.

An deem Zesammenhang an op Basis vum Artikel 25 vum Gemengegesetz, wéilt ech lech folgend Froe stellen:

- 1. Wat war genee den technesche Problem, deen dozou gefouert huet, datt d'Schwemm zougemaach gouf?*
- 2. Ass déi betreffen Technik nach ënner Garantie, a wa jo, gi Reparaturen domat ofgedeckt?*
- 3. Falls net, wéi héich ass de geschaten Opwand a Käschte fir d'Reparatur?*
- 4. Wéi laang wäert d'Schwemm PIKO fir de Public a fir Schouklasse zou bleiwen?*

Mat Respekt,

*Paula Couto
Gemengeconseiller*



Hei dem Schäfferot seng Äntwerten op Är Froen:

1. Et war eng Panne un eiser Chlor Membran Elektrolyse Anlag. Doduerch konnt kee Chlor méi produzéiert ginn a mir hate keng Desinfektioun vun eise Basengen. Am Reaktor, wou de Chlorgas an d'Natronlauge zesumme reagéiere, waren eng Pompel an ee Schwimmer futti. Aus Sécherheetsgrënn, wéinst dem Chlorgas, däerf just den Hiersteller vun der Anlag dee Behälter opmaachen.
2. Déi betreffen Technik ass nach ënner Garantie. Dës Pompel ass méiglecherweis duerch di grouss Stroumpanne vum 1. Februar 2025, wou ganz Nidderréideng kee Stroum hat, beschiedegt ginn. Saitdeem hat d'Anlag ëmmer nees kleng Problemer, déi awer vun eise Schwammmeeschter konnte behewe ginn, bis dass se leider den 1. März 2025 komplett ausgefall ass.
3. D'Käschte fir d'Reparatur sinn eis nach net bekannt. Hei wäerten d'Stonne vum Techniker den Hauptdeel ausmaachen.
4. Sonndes, den 2. März 2025 war d'PIKO dee ganzen Dag zou. Als Ausgläich hate mir awer déi Péitenger Schwämm opgemaach. Méindes, den 3. März 2025 war d'PIKO souwisou zou. Vereenzelt Klasse vum LMA an dem Fundamental, souwéi d'Schwammkuere goufen ofgesot. D'Péitenger Schwämm war awer fir de Public op. Dënschdes, de 4. März 2025 war d'PIKO dee ganzen Dag zou. Vun 8.00 bis 10.00 Auer gouf de Fundamental ofgesot. Mëttwochs, de 5. März 2025 ass d'PIKO mueres rëm normal op gaangen.

Mat frëndleche Gréiss,

De Gemengesekretär,

De Buergermeeschter,